

Umeldung
virum
06.11.2026

Adventsfenster

Vum 1. bis de 24. Dezember 2026 gi bei genuch Umeldung
24 Fënstere mat Motiver zum Thema «**Advent a Chrëschtdag**»
vun iech dekoréiert. All Dag gëtt eng Fënster opgemaach,
déi d'Leit aus der Gemeng kënnen kucken goen.



GESICHT GINN:

*24 Leit oder Familljen aus der Gemeng Käerch,
déi bei dëser Aktioun matmaachen an eng Fënster
vun hirem Doheem dekoréieren.*

E PUER ERKLÄRUNGEN:

All Fënster kritt eng Nummer vun 1 bis 24.

Wann eng Fënster z.B. d'Nummer 6 huet, gëtt se de 6. Dezember opgemaach.

D'Fënster an d'Nummer solle vun der Strooss aus gutt siichtbar sinn.

et ginn zwou Varianten:

STÉLLFËNSTER:

Dir dekoréiert eng Fënster an d'Leit spadséiere laanscht fir sech Är Dekoratioun unzekucken.

FËNSTER AN AKTIOUN:

Dir dekoréiert eng Fënster a loosst Iech nach eppes afalen
(z.B. eng Adventsgeschicht virlesen) an/oder Dir kënnt eng Klenggeheet fir d'Leit,
déi kucke kommen zerwéieren (z.B. Glühwäin oder Kichelcher).

D'Adventsfenster soll no deem se op ass,
all Dag vun 18.00 Auer bis 20.00 Auer beliicht sinn.

FR / ENG



*Eng Lëscht mat den Datumer, geneeën Auerzäiten
an den Adresse vun de Leit déi matmaachen,
gëtt Enn November 2026 publizéiert.*

*Déi Leit déi wëllen eng Adventsfenster maachen,
kënnen sech bis de 6. November 2026 mellen
per Email: communication@koerich.lu
oder per Telefon: 288 355 221*

Umeldunge
virum
06.11.2026